

Nei Leit fir Äer Gemeng.

*Fir dat Gemengepolitik  
flott a lieweg zesumme  
mat lech a fir lech  
gemaach gött.*



**Wielt eis Équipe**

**Fir eis Gemeng  
flott a  
lieweg**

**Lanners Bibi**



**44, Privatbeamtin**

**Weis-Stüber Betty**



**39, Hausfra**

**opzebauen  
fir d'Zukunft**

**Weier Alain**



**43, Privatbeamten**

**Sadler Jean-Marie**



**50, Gemengebeamten**

**zesumme  
mat lech**

**Wagner Jeft**



**21, Student**

**Zahlen Jacques**



**36, Privatbeamten**

### Fir eng **ökologesch a fair Bautenpolitik**

- d'Schaffen vun bezuelbarem Bauterrain an eem subventionéierten Wunnengsbau
- d'Ënnerstëtzung vun neien zukunftsorientéierten Bauweisen an enger nohalteger Energieversuergung
- d'Erhalen vum Charakter vun eisen Dierfer an e kontrolléiert Wuessen

### Fir eis **Sécherheet an déi vun eisen Kanner**

- e neit Verkéiersreglement an een adequat Verkéiersberouegung
- e sécheren Schoulwee a Verbesserung vun den Busarrêtsen
- e gudden Ënnerhalt vun eisen Stroossen an Weeër op am Duerf, um Feld oder an de Wéngerten

### Fir eis **Kanner an Jugendlecher**

- Mir wëllen e naturnoën a kannerfrëndleche Schoulhaff
- d'Ganzdagsbetreuung vun de Kanner an der Schoul, Maison Relais, Crèche a Précoce
- eng qualitativ Verbesserung vun de Reimlechkeeten fir eis Jugend souwei d'Erneierung an den Ausbau vun de Spillplazen
- ee weideren Ausbau vun de Rufbusmodeller fir e besseren Zougang zu regionalen an nationalen Aarrichtungen a Manifestatiounen

### Fir eis **Liewensqualitéit**

- eng qualitativ an quantitativ Ofsécherung vun eiser Waasserversuergung –Erhalen an Astandsetzen vun eise Quellen
- eng Erneierung a Moderniséierung vun deenen méi ale Kläranlagen an den Ausbau vun örtlechen Kanalnetz fir d'Reewaasser
- de Bierger huet Recht op eng biergerno Gemeng an op objektiv a regelmässeg Informatiounen iwwer d'Gemengegeschäfte

### Fir d'Ënnerstëtzung vum Veräinsliewen an eiser Gemeng well d'Vereiner sin d'Séil vun der Gemeng

- um sportlechen souwei um kulturelle Niveau – fir Jonk an Al
- Schafen respektiv Verbesseren vun den néidegen Infrastrukturen iwwerall an eiser Gemeng
- Unerkennung vun besonneren Leeschtungen
- Ausschaffen vun engem Manifestatiounskalenner „**Fluesweiler-Treff**“

### Fir eng ökologisch an nohalteg **Energieversuergung**

- Ënnerstëtzen a fördern vun alternativer Energie
- Och op Gemeindegebeier a bei der Stroossebeliichtung duerch energieeffizient- a planeresch Moossnamen

### Fir eng ausgeglachen **Finanzpolitik**

Mir brauchen eng gerecht Ëmverdeelung vun der Gewerbesteier hei am Land.

- Wann eis ländlech Gemengen keng Aktivitéitszonen op Grond vum „Plan sectoriel zones d'activités“ erschleissen können, da muss eis propper Loft als „Gréng Long“ och vum Staat unerkannt a gefördert ginn!
- Eis Bierger sollen net manner wäert sinn wéi déi aus aneren Gemengen
- D'Gemeng as fir d'Leit do a mir wëllen fir lech nohalteg denken an handeln, Richtlinnen setzen a schaffen fir eppes fir d'Zukunft ze errechen

**Probleemer müssen ouni politische Fanatismus, iever mat Wäitbléck am Interessi vun eisen Bierger geléist ginn.**

**Fir d'Realisatioun vu gréisseren Projetsen an den Erausforderungen vun der Zukunft, am Respekt vun eisen an aneren lokale Spezifitéiten, dāerfen a wëllen mir eis enger Fusioun mat deem richtige Partner net verschléissen.**

**Wëll dir eng Politik no bei de Leit ?  
Da wielt eis Équipe**